I-2023-O-M-8378-01 (4545)

Depot : Alexandra Schoos
Interpellation sur la loi du 17 août 2018 relative à l'archivage

**Groupe parlementaire**

2

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2025

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- de Besoin un Archiviste fir d'Ministèren an d'Verwaltungen zu Lëtzebuerg zënter dem Akraafttriede vum Gesetz iwwert den Archivage vum 17. August 2018 an d'Luucht gaangen ass an an deenen nächste Joren nach weider klamme wäert;

ass sech bewosst, datt

- de Staat zu deem Zweck déi néideg Efforten ënnerhuele muss, fir dëse Beruff ze promouvéieren an de Rekrutement vu qualifizéiertem Personal ze ënnerstëtzen, ëmsou méi, wéi een zu Lëtzebuerg an deem Beräich weder eng vollstänneg Ausbildung nach e Studium maache kann;

fuerdert d'Regierung op,

- méiglechst séier Gespréicher mat de Vertrieder vum betraffene Beruffssecteur ze féieren, fir d'Iddi vun enger vollstänneger Ausbildung respektiv engem vollstännege Studium fir Archivisten zu Lëtzebuerg am Hibléck op hir Realiséierungsméiglechkeeten ze préiwen a wa méiglech och ëmzesetzen.

Schoos

SCHOOS ALEXANDRA